



Äntwert vum Kommunikatiouns- a Medieminister, Xavier Bettel, a vum Aussen – an Europaminister, Jean Asselborn, op d'parlamentaresch Fro N° 8165 vum 18. Juli 2023 vum honorabelen Deputéierte Laurent Mosar.

- 1. Kann d'Regierung ausschléissen, datt d'Firma GCore Labs S.A d'Kontakter mat RT net direkt a komplett ofgebrach huet, nodeems si am Mäerz mat de Virwërf konfrontéiert gi war? Wa nee, wat wëllt d'Regierung maache fir sécherzestellen, datt d'Firma GCore Labs S.A. d'EU-Sanktioune géint Russland net weiderhin ënnerleeft?**

De Sujet ass schonn an enger anerer parlamentarescher Fro beäntwert ginn, mir bieden den honorabelen Deputéierte sech op d'Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°8157 ze referéieren.

- 2. Sinn der Regierung nach aner Lëtzebuenger Firma bekannt, déi d'EU-Sanktioune géint Russland an de leschte Méint ënnerlaf hunn?**

Der Regierung hires Wëssens ass de Parquet nach an 2 aneren Affäre saiséiert ginn.

Lëtzebuerg, den 22. August 2023

De Kommunikatiouns – a Medieminister
(s.) Xavier BETTEL